

6. 2018



école
et vie

cgfp

Schoul-
politik

op
kee Fall ...

ouni ...
laanscht ...



cgfp

géint ...
iwwert ...

eis !!!



école et vie

syndicat national des enseignants - sne /cgfp

bulletin syndical, pédagogique et culturel

www.sne.lu

Move your life.

wagner



Dondola®

Herbert Nauderer



BUREAUTIQUE
ROSY WAGNER-BRAUCKMANN

27, rue de la Barrière / L-1215 Luxembourg / T. +352 44 88 08-1 / F. +352 44 88 08-99
www.wagner-brauckmann.lu / rosy@wagner-brauckmann.lu














sne /cgfp

www.sne.lu

bulletin 6 / 2018

décembre 18 / janvier 19

... sommaire :

 <p>03</p>	<p>éditorial : de Regierungsprogramm steet dem SNE/CGFP seng Fuerderungen och !!!</p>	 <p>26</p>	<p>lettre au MENJE : demande d'entrevue ... - programme gouvernemental - revendications SNE/CGFP - cahier des charges SNE/CGFP !!!</p>
 <p>07</p>	<p>infos aux membres : mam neie Schouljoer ... sinn eng Partie Ännerungen agetrueuden !!!</p>	<p>AD SNE/CGFP 28</p>  <p>30</p>	<p>assemblée des délégués : ... réunion du 13 novembre 2018 cgfp : ... Protestmanifestatioun !!!</p>
 <p>12</p>	<p>infos aux membres : d'Erhéije vun der Bezuelung vun den Iwwerstonnen en Etiketteschwindel ?!</p>	 <p>35</p>	<p>avis chfep : ... sur le projet de règlement grand-ducal A805</p>
 <p>18</p>	<p>point presse SNE/CGFP : ... prise en charge des enfants à besoins particuliers et spécifiques !!!</p>	 <p>45</p>  <p>52</p>	<p>page pédagogique : ... die Geschichte des Schulbuches exposition art à l'école : ... rencontre des animaux</p>
 <p>23</p>	<p>infos aux membres : d'Programmkommissiounen am Fundamental ee verlängerten Aarm vun den Direktiounen ?!</p>	 <p>...</p>	<p>tout faux - tout vrai !?</p>



... tout faux - tout vrai !?

... steet ... !?


... déi nei Regierung steet ...
de Koalitiounsprogramm steet ... ?!

... an onse Fuerderunge steet kloer :

wat, wéi, wien, wéini, wéisou ...

a

wat, wéi, wien, wéini, wéisou net ... ?!



- éditorial :

De Regierungsprogramm steet ... dem SNE/CGFP seng Fuerderungen och ...



Lëtzebuerg huet gewielt an et kënn zu enger Fortsetzung vun der aktueller Regierungskoalitioun.

Den SNE/CGFP wënscht der neier «aler» Regierung, a virun allem hirem Educationminister, eng glécklech Hand a vill Courage an Ausdauer bei deene villen Erausforderungen, déi op si duerkommen.

Dëst gëllt fir d'Land am Allgemengen an awer och speziell fir den Enseignement.



op d'Leit ...
vum Terrain lauschteren ...

Wichtig wär et, dass déi Responsabel vum MENJE op d'Leit vum Terrain géife lauschteren ier se weider Schrëtt an der Bildungspolitik ënnerhuelen.

An deem Zusammenhang sief drun erënnert, dass dem Feedback vun den Enseignanten, déi all Dag an eise Grondschoule schaffen, bei der Evaluatioun vun de schonn implantéierte Reformen a Neierungen eng grouss Bedeitung zoukënn.



... De Leit um Terrain hir Meenung ...
muss onbedéngt berücksichtegt ginn !!!




Den SNE/CGFP hofft op jidde Fall op eng konstruktiv a fruchtbar Zesummenaarbecht mat eisem Minister.



Virun de Wahlen huet den SNE/CGFP, genau wéi seng Daachorganisatioun d'CGFP, keng Wahlempfehlung erausginn.

No de Wahlen hu mir d'Wahlresultat net kommentéiert, **mee**

... mir wäerten elo awer de Regierungsprogramm, besonnesch deen Deel, deen déi zukünfteg Bildungspolitik betrëfft, ganz genau analyséieren, kritesch hannerfroen an och kommentéieren.



an der leschter Legislaturperiod ass enorm vill, wann net ze vill, einfach iwwerstierzt decidéiert an duerchgeboxt ginn ...

Hei an dësem Editorial wäert ech dës detailléiert Analyse elo net maachen, mee trotzdem wäert ech e puer Remarken a Suggestiounen zu deem, wat mir an Zukunft vun eisem Minister erwaarden, maachen..

An der leschter Legislaturperiod sinn enorm vill, wann net ze vill Reformen an Neierungen am «Enseignement fondamental» duerchgeboxt ginn.



Villes ass einfach iwwerstierzt agefouert ginn, ouni dass d'Reforme bis an de leschten Detail duerchduecht waren.

Vläicht war deen Tatendrang an der Rue Aldringen dorobber zrëckzeféieren, dass si all hir Projeten innerhalb vu 5 Joer, also bis zum Enn vun der Legislaturperiod a spëtstens bis virun de Wahlen, ëmgésat wollten hunn.

... An deem Tempo kann et awer definitiv net weider goen, wa mir net d'Schoul un de Rand vum Kollaps wëlle bréngen.

**Mir brauchen endlech ...
nees Rou an onse Schoulen !!!**



Déi entaméiert Reforme mussen elo mol sacke gelooss an evaluéiert ginn.
Déi Reformen, déi gegräff hunn, musse bleiwen.



mir brauchen endlech ...
nees Rou an eise Schoulen



... Reformen, déi keng Plus-value um Terrain duerstellen, müssen nogebessert oder souguer zrückgezu ginn !!!

Dës Weidere fuerdert den SNE/CGFP, dass eisen Doleancen a Verbesserungsvirschléi, déi mir an onsem «Cahier des charges» aus dem Juli zesummegedroen hunn, Rechnung gedroe gëtt. Mir fuerderen de Minister a seng Beamten op, sech onse «Cahier des charges» gewëssenhaft duerchezuliesen an adequat dorop ze reagéieren.

Déi politesch Responsabel müssen endlech de Leit vum Terrain nolauschteren ginn an op hir Forderungen agoen.


Aus deem Grond hu mir och schonn eng Entrevue bei eisem neien, «ale» Minister ugefrot, fir him esou, de «vive voix», ons Doleancen a Revendicatiounen ënnerbreeden ze kënnen.



... Vu dass den Här Minister jo kee «Neuling» an der rue Aldringen ass, ass hien direkt prett fir lasszeleeën a brauch net nach eng laang Zäit fir sech a seng Funktioun anzeschaffen.

Nee, hie kann direkt ufänken a schnell déi néideg Mesuren treffen, déi dem SNE/CGFP sengen Doleancë Rechnung droen.

Här Minister, et ass elo un iech !!!



Léif Kolleginnen a Kollegen, am Numm vum SNE/CGFP an och a mengem perséinlechen Numm wënschen ech iech awer och all, op dëser Plaz, eng guut Gesondheet an e schéint an erfollegräicht Joer 2019.

Och 2019 wäerte mir ons op ons Haaptaufgab besënnen, ons Memberen ze representéieren an hir Rechter a Meenungen ze verdeedegen.

Mat syndikalistesche Gréiss
Patrick Remakel, President vum SNE/CGFP



infos

**accord
salarial**

**compte
épargne-
temps**

sne

**formation
continue**

en relation avec

**l'évolution
de la carrière**

infos

aux

**m
e
m
b
r
e
s**

**formation
continue**

**service à
temps partiel**

cgfp



BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13, rue des Ardenes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie



Lëtzebuerg, de 26 ten November 2018.

sne - infomail



Léif Kolleginnen a Kollegen,

Mam neie Schouljoer sinn eng Partie Ännerungen a Kraaft getrueden,
iwwert déi mir lech informéiere wëllen.

1 ... « Accord salarial » ...

De 15. Juni 2018 huet d'CGFP mat der Regierung en Amendement zum «Accord salarial» vum Dezember 2016 ënnerschriwwen. Doranner gouf
ënnert anerem **festgehalen, dass d'80/80/90 – Reeglung beim Stage vum 1. Januar 2019 u soll ofgeschaaft ginn.** Dëst gëllt souwuel fir déi Enseignanten, déi zu deem Moment am Stage sinn, wéi och fir déi Enseignanten, déi nom 1. Januar 2019 hire Stage ufänken.

Déi Stagiairen, déi an deene leschte Jore vun der 80/80/90 - Reeglung betraff waren, kréien zwar hir "verluere" Sue vun Gehalt net zréck (et gëtt kee Recalcul gemaach), mee **si wäerte bei der Pensioun kee Verloscht erliden, well hir Pensiounsrechter vum Staat nokaaft ginn.**

26ten November 2018

Dës Weideren ass an deem Amendement festgehalen ginn, dass **d'Dauer vum Stage am Prinzip op 2 Joer erofgesat gëtt**. Och wann d'Stagezäit elo reduzéiert gëtt, **wäert den SNE/CGFP sech weiderhin derfir asetzen, dass d'Continue vum Stage op de Leescht geholl ginn. An deem Zesammenhang fuerdert den SNE/CGFP nach ëmmer d'«Mise en place» vun engem sënnevolle Stage.**

Am Amendement ass och festgehalen ginn, dass d'lessenszoulag vum 1. Januar 2019 u vun 144 Euro ëm **60 Euro op 204 Euro gehuewe gëtt**.

2 ... « Formation continue » ...

A punkto «Formation continue» **ass d'Unzuel u FoCo-Stonnen, déi mat an déi nächst Referenzperiod kënnen eriwuergehol ginn, vu 4 op 16 Stonnen erhéicht ginn.**

3 ... Zäitspuerkont (CET) ...

An der Summervakanz gouf d'Gesetz iwwert d'Aféierung vun engem Zäitspuerkont (CET) an der «Fonction publique» am «Journal officiel» publizéiert. Dësen Zäitspuerkont gëllt och fir d'Léierinnen an d'Schoulmeeschteren aus dem Enseignement fondamental an aus der «Voie de préparation» vum ESG.

Allerdéngs leeft den Zäitspuerkont an der Grondschoul eréischt am vollen Ëmfang fir d'Schouljoer 2019-2020 un.

Den Zäitspuerkont erlaabt etlech, Är geleschten Iwwerstonne bis zu engem Maximum vun 900 Schoulstonnen unzespueren, fir se zu engem spéideren Zäitpunkt eranzehuelen. 900 Schoulstonnen entspreche engem Schouljoer. Et dierf ee maximal an der Joresmoyenne 20% vu senger Tâche op den CET setzen.

Dat entsprécht bei enger voller Tâche 5 Schoulstonne pro Woch am C1, 4,6 Schoulstonnen am C2-4 a 4,4 Schoulstonnen am Préparatoire.

Vill Detailer, déi déi praktesch Ëmsetzung ubelaangen, müssen nach mam MENJE gekläert ginn, ënnert anerem wéi eng Méiglechkeeten een huet, fir déi ugespuerte Schoulstonnen eranzehuelen.

Dir wäert awer och an Zukunft de Choix behalen, Iech Är Iwwerstonnen ausbezuelen ze loossen oder awer d'Totalitéit (bis zum autoriséierte Maximum), respektiv eng Partie dovunner, op Ären Zäitspuerkont ze setzen.

4 ... « Service à temps partiel »...

Bis elo gouf et de «Service à temps partiel» vu 25, 50 a 75 Prozent. Dee war «à durée indéterminée» an huet am Prinzip bis zur Pensioun gegollt. Derniewent gouf et de «Congé pour travail à mi-temps», deen een op eng begrenzten Zäitdauer ufroe konnt.

Mam Gesetz vum CET goufen an der «Fonction publique», niewent de Paliere vu 50 a 75 Prozent, nei Paliere vu 40, 60, 70, 80 an 90 Prozent agefouert. De Palier vu 25 Prozent gouf ofgeschaaft. Dës Weidere kann dës «Service à temps partiel» elo esouwuel «à durée indéterminée» wéi och «à durée déterminée» ugefrot ginn.

Vu dass déi partiell Tâchë vu 70 Prozent respektiv 80 Prozent am Enseignement net accordéiert ginn, kënn et zu enger onfairer Diskriminatioun par Rapport zum Rescht vun der «Fonction publique». Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass déi Palieren och missten am Enseignement méiglech sinn.

Am Juli 2018 huet de MENJE d'«Tâche d'enseignement direct», den «Appui pédagogique» an d'«Formation continue» fir déi nei Paliere festgeluecht, ouni dass den SNE/CGFP am Virfeld consultéiert gouf. Den SNE/CGFP ass net mat dëser Opdeelung d'accord, well se net gerecht ass. Duerfir fuerdert den SNE/CGFP, dass dës Opdeelung am Sënn vun den Enseignantë rektifizéiert gëtt.

5 ... « Formation continue » am Zesummenhang mat der Evolutioun vun der Carrière ...

Den 1. Oktober 2015 ass d'Reform an der «Fonction publique» a Kraaft getrueden, déi eng Partie Ännerunge mat sech bruecht huet. **All Léierinnen a Schoulmeeschteren, déi virun dësem Datum am Déngscht waren, bleiwen am «E-Tableau transitoire» iwwerdeems dat Léierpersonal, dat no deem Zäitpunkt agestallt gouf am A2 aklasséiert gouf.**

Fir all déi Leit, déi am E-Tableau bleiwen, féiert den Artikel 50, Paragraph 5 vum Traitementsgesetz vum 25. Mäerz 2015 allerdéngs eng zousätzlech Konditioun a fir an den Echelon 14 ze kommen. **Dësen Artikel gesäit vir, dass all dës Schoulmeeschteren am Laf vun hirer ganzer Carrière 30 Deeg (=180 Stonnen) Formation continue virweise musse fir an den Echelon 14 vun hirem Grad ze kommen.** An deem selwechten Artikel ass awer vum Akraafttriede vum Traitementsgesetz un (25. Mäerz 2015) eng «Période transitoire» vu 5 Joer virgesi fir op déi Unzuel vu Formatiounsstonnen ze kommen. An där Period huet een e Kredit vun 12 Deeg (=72 Stonnen) zegutt, fir net an der Carrière blockéiert ze ginn an awer den Echelon 14 ze kréien. **No dëser Transitionnsperiod vu 5 Joer muss een awer dann d'Formatiounskonditiounen erfëllen, dat heescht all Enseignant aus dem E-Tableau muss mindestens 180 Stonne «Formation continue» virweise kënnen fir net a sengem weidere Verlaf vun der Carrière blockéiert ze ginn.**




An deem Dossier huet de **MENJE** eis verséichert, dass all Formation, ob prioritär oder net prioritär, vum **SCRIPT**, **IFC** oder **IFEN** berücksichtegt gëtt. Dës Weidere gëtt de «Certificat de Perfectionnement» mat 90 Stonnen ugerechent.

Mat beschte Gréiss.
De Comité central vum SNE/CGFP



*An deem Dossier huet de **MENJE** eis verséichert, dass all Formation, ob prioritär oder net prioritär, vum **SCRIPT**, **IFC** oder **IFEN** berücksichtegt gëtt. Dës Weidere gëtt de «Certificat de Perfectionnement» mat 90 Stonnen ugerechent.*





infos

**i
n
f
o
s**

**d'Erhéije
vun der Bezuelung**

**vun den
lwwerstonnen ...**

**een
Etiketteschwindel ???**

sne

**den neie
Berechnungsmodus**

**vun den
lwwerstonnen**

**wéi sinn
d'lwwerstonnen**

virdrun ...

**bezuelt
ginnn ???**

**a
u
x**

**m
e
m
b
r
e
s**

cgfp



BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13, rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

Lëtzebuerg, de 29ten November 2018.



sne - infomail



***D'Erhéije vun der Bezuelung
vun den lwwerstonnen ...***

... en Etiketteschwindel ???

Bei der Schoulrentrée 2017-2018 hat den Educationnsminister Claude Meisch öffentlich ugekënnegt, den Tarif vun den d'lwwerstonne fir d'Léierinnen an d'Schoulmeeschteren aus dem «Enseignement fondamental» no uewen z'adaptéieren.

D'Indemnisation vun den lwwerstonne sollt un d'Basisgehalt vum Schoulmeeschter gekoppelt ginn, an dat nom Modell, wéi en am «Enseignement secondaire» applizéiert gëtt. D'Aféierung vun dësem neie System sollt eng zolidd Erhéijung vun der Indemnisation vun den lwwerstonne mat sech bréngen.

Et ass deemools vu Säite vum MENJE vun enger Augmentatioun vu bis zu 30-40%, jo esouguer 50% geschwat ginn.



29ten November 2018

Duerch dës Moossname sollt d'Léierpersonal incitéiert ginn, méi Iwwerstonnen ze halen, natierlech just op fräiwëlleger Basis, dat heescht, wann si dozou bereet wäeren. Well sech de Problem vun der Penurie u Léierpersonal zu deem Zäitpunkt ganz akut gestallt huet, war dëst eng vun de Moossnamen, déi de MENJE proposéiert hat, fir kuerzfristeg den Auswierkunge vun der Penurie entgéint ze wierken.

Dëse Constat gëtt och am «Commentaire des articles» zum «Projet de Règlement grand-ducal» vum 23. August 2018, deem de «Règlement grand-ducal modifié» vum 23. Mäerz 2009 iwwert d'Tâche vum Schoulmeeschter op deem Punkt vun den Iwwerstonnen ëmgeännert huet, gemaach :

« Depuis la rentrée scolaire 2017/2018 qui a été marquée par une pénurie d'enseignants diplômés, les instituteurs ont été incités à prester des heures supplémentaires. (...) Elle [La modification rétroactive de l'indemnisation des leçons d'enseignement direct (N.D.L.R.)] constitue, en effet, un net avantage pécuniaire pour chaque enseignant qui s'est déclaré volontaire pour prester des heures supplémentaires depuis la rentrée. »

☛ ... Wéi sinn d'Iwwerstonne virdu remuneréiert ginn ? ...

Wat d'Iwwerstonne fir den direkten Unterrecht ubelaangt, do waren 2 verschidden Tariffer virgesinn, jee nodeem wéi vill «Années de service» een opweise konnt:

- 1- 6,52€ N.I 100 (aktuell wäeren dat: 53,10 €) pro Iwwerstonn wärend den 12 éischte Joren, wou ee geschafft huet;
- 2- 8,92€ N.I 100 (aktuell : 72,64 €) pro Iwwerstonn no 12 «Années de service».

All Iwwerstonn, déi am Kader vum Appui oder den «Activités connexes» gelescht gouf, ass mat 4,75 € N.I 100 (aktuell: 38,68 €) bezuelt ginn.

☛ ... Den neie Berechnungsmodus vun den Iwwerstonnen ...

Fir d'éischt wëlle mir lech duerleeën, wat zu der Adaptatioun vum Mechanismus zum Berechnen vun den Iwwerstonnen am «Commentaire des articles» zum «Projet de Règlement grand-ducal» vum 23. August 2018 stoung. Dëst Règlement huet de «Règlement grand-ducal modifié» vum 23. Mäerz 2009 iwwert d'Tâche vum Schoulmeeschter op deem Punkt vun den Iwwerstonnen ëmgeännert :

« Les modalités de rémunération des heures supplémentaires sont arrimées au salaire de base suivant le modèle existant dans l'enseignement secondaire. Une leçon supplémentaire prestée par un instituteur devrait avoir la même valeur qu'une leçon effectivement prestée dans le cadre de sa tâche normale. Étant donné que la tâche de l'instituteur du 1^{er} cycle est de 25 leçons hebdomadaires d'enseignement direct et que celle de l'instituteur du 2^e, 3^e et 4^e cycles est de 23 leçons hebdomadaires d'enseignement direct, le calcul est donc différent pour ces deux catégories d'instituteurs. Les heures supplémentaires ne sont plus payées sur 36 semaines, mais pour toute la période scolaire c'est-à-dire du 15 septembre au 15 juillet (44 semaines).

Si un jour férié légal coïncide avec un jour de semaine pendant lequel l'instituteur aurait normalement presté une heure supplémentaire, celle-ci lui est rémunérée comme heure supplémentaire de travail normalement prestée pendant ce jour.

A cela s'ajoute que les leçons occasionnelles assurées en remplacement d'un membre du personnel enseignant empêché de faire ses cours et donnant lieu à des heures supplémentaires sont rémunérées au même tarif que les heures annuelles régulières.

La formule de l'indemnité pour une leçon supplémentaire est la même pour l'enseignement direct et pour les tâches connexes. Le surplus de travail assuré dans le cadre des activités connexes ne donne plus lieu à une rémunération particulière. »

Den Artikel 17 aus dem modifizierten groussherzogliche Règlement vom 23. März 2009 iwwert d'Tâche vum Schoulmeeschter liest sech no den Ännerungen, déi duerch de «Règlement grand-ducal» vom 23. August 2018 agefouert goufen, folgendermoossen :

« Seul le surplus de travail assuré dans le cadre de la tâche d'enseignement et des activités connexes donne lieu à une rémunération particulière.

L'indemnité due pour leçons supplémentaires d'enseignement direct se base sur le nombre de leçons supplémentaires effectivement assurées.

Les leçons supplémentaires assurées uniquement pendant une partie du mois sont converties en leçons supplémentaires mensuelles.

La formule générale de l'indemnité pour une leçon supplémentaire est fixée comme suit :

- 1. Pour les instituteurs assurant une tâche aux deuxième, troisième ou quatrième cycles : le traitement de base x $\frac{1}{23}$ x nombre indice x valeur du point indiciaire applicable aux éléments de rémunération non pensionnables x $\frac{36}{52}$*
- 2. Pour les instituteurs assurant une tâche au premier cycle : le traitement de base x $\frac{1}{25}$ x nombre indice x valeur du point pensionnables x $\frac{36}{52}$. »*

Dem Berechnungsmodus läit also de Punktwert vun den net pensionnablen Elementer vum Traitement zu Grond, dee sech zur Zäit op 18,6414799 Euro brutto beleeft.

Fir d'Berechnung vum Stonnentarif vun enger Iwwerstonn hält een d'Basis vum Traitement fir dee Mount, wou d'Iwwerstonn erfall ass a multiplizéiert een déi mat der Valeur vum Punkt fir net pensionnabel Elementer vun der Pei (vun deem Mount). Dat Resultat gëtt da mat 12 multiplizéiert an duerch 52 gedeelt. Jee nodeem op een am C1 schafft, deelt een dat Resultat dann duerch 25 oder awer, wann een am C2-4 schafft, duerch 23.

Hei e puer praktesch Rechebeispiller:

- Wann Dir am C2, C3 oder C4 schafft an e Basisgehalt vu 480 Punkten hutt, gëtt d'Iwwerstonn mat 89,78 € bezuelt.
Rechnung : $480 \times 18,6414799 \times 12 : 52 : 23 = 89,78 \text{ €}$
- Wann Dir am C1 schafft an e Basisgehalt vu 480 Punkten hutt, gëtt d'Iwwerstonn mat 82,60 € bezuelt.
Rechnung : $480 \times 18,6414799 \times 12 : 52 : 25 = 82,60 \text{ €}$

A folgender Opstellung fannt Dir d'Stonnenindemnisioun vun der Iwwerstonn fir verschidden Niveaue vum Basisgehalt :

Basisgehalt (Punkten)	Indemnisioun vun enger Iwwerstonn	
	am C1	am C2-4
290	49,90 €	54,24 €
293	50,42 €	54,80 €
302	51,97 €	56,49 €
313	53,86 €	58,54 €
314	54,03 €	58,73 €
328	56,44 €	61,35 €
338	58,16 €	64,22 €
343	59,02 €	64,15 €
350	60,23 €	65,46 €
358	61,60 €	66,96 €
373	64,18 €	69,77 €
388	66,77 €	72,57 €
395	67,97 €	73,88 €
403	69,35 €	75,38 €
410	70,55 €	76,69 €
418	71,93 €	78,18 €
425	73,23 €	79,49 €
433	74,51 €	80,99 €
453	77,95 €	84,73 €
455	78,29 €	85,10 €
470	80,88 €	87,91 €
473	81,39 €	88,47 €
480	82,60 €	89,78 €
485	83,46 €	90,71 €



Wéi een einfach aus dem Tableau erausliese kann, **kënnt et laang net zu deene versprochenen zolitten Opbesserunge vun den Indemnitéite fir d'Iwwerstonnen, esou wéi se vum Här Minister Meisch a vum MENJE**

ugekënnegt goufen. Neen, déi Erhéijunge fale vill méi kleng aus wéi versprach, an a verschiddene Fäll ginn d'Iwwerstonnen esouguer méi schlecht bezuelt wéi dat virun der Adaptatioun de Fall war. Dat ass zum Beispill de Fall fir d'Léierpersonal aus dem C1 während den éischte Joren no senger Nominatioun als Léierin oder Schoulmeeschter.

D'Ausso aus dem «Commentaire des articles» zum «Projet de règlement grand-ducal» vum 23. August 2018, dass et zu engem « *net avantage pécuniaire pour chaque enseignant qui s'est déclaré volontaire pour prester des heures supplémentaires depuis la rentrée* » kënnt, ass also riicht ewech falsch.

Den SNE/CGFP kann net d'accord si mat deem Etiketteschwindel, deem do vu Säite vum MENJE mam Léierpersonal aus de Grondschoule bedriwwen gëtt. Et ass wuel richteg, dass et zu Erhéijunge vun der Indemnisiatioun vun den Iwwerstonnen kënnt, mä déi erreeche laang net den Niveau, deem ugekënnegt gouf.

Och ass et ontragbar, dass d'Indemnitéiten a verschiddene Fäll - och wa se rar sinn - méi niddreg ausfalen.

No enger éischer Interventioun bei de Responsabele vum MENJE schéngt et, wéi wann den Educationminister bereet wär, d'Dispositiounen nozebesseren, an zwar esou, dass keen seng Iwwerstonne manner bezuelt kréie soll, wéi dat virun de Fall war. Wann een duerch de Berechnungsmodus aus deem neie «Règlement grand-ducal» bei der Bezuelung vun den Iwwerstonnen méi schlecht ewech kënnt, da soll déi al Tarifikatioun vu virun zielen.

Obwuel den SNE/CGFP verhënnere konnt, dass kee manner wéi virdru fir seng Iwwerstonn bezuelt kritt, fuerdert hien de MENJE op, deem neie Berechnungsmodus vun der Indemnisiatioun vun den Iwwerstonnen z'iwwerdenken a seng Versprieche anzuléis.

Affaire à suivre!

De Comité central vum SNE/CGFP

...affaire
à suivre !!!

... obwuel den **SNE/CGFP** verhënnere konnt, dass kee manner wéi virdru fir seng Iwwerstonn bezuelt kritt, fuerdert hien de **MENJE** op, deem neie Berechnungsmodus vun der Indemnisiatioun vun den Iwwerstonnen z'iwwerdenken a seng Versprieche anzuléis.
Affaire à suivre !!!



**video -
clip**

a Bild an an Toun ...


> Reportage

Point-presse SNE/CGFP :

**« Prise en charge des enfants
à besoins particuliers et spécifiques »**



*Claude
Schmit*



Vanessa Schetgen



<http://www.sne.lu/mp4/preconfabs.mp4>



BP 2437
L-1024 Luxembourg
tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13, rue des Ardenn
L- 1133 Luxembourg -Bonnev



Lëtzebuerg, den 3ten Dezember 2018

Point - presse SNE/CGFP :

« Prise en charge des enfants à besoins particuliers et spécifiques »

« Begréissung » :

Dir Dammen an dir Häre vun der Press,

Et freet mech, lech allegueren am Numm vum SNE/CGFP op eisem «Point-presse» iwwert d'«Prise en charge» vu Kanner mat spezifesch Besoine begréissen ze kënnen.

Am Accord vum 22. Februar 2016 tëscht dem MENJE an dem SNE/CGFP war ee Punkt der «Aide et assistance vu Kanner mat spezifesch Besoinen» gewidmet.

Den SNE/CGFP huet an der Vergaangenheet ëmmer de Fonctionnement vun den EMPen schaarf kritiséiert, well de gudden Fonctionnement vun där Struktur duerch eng zweedeeleg Direktiounsstruktur hypothekéiert gouf. Engersäits war een Deel vum Personal dem Inspekter aus dem «Enseignement fondamental» ënnerstallt, iwwerdeems deen aneren Deel vun der «Education différenciée» ofgehaangen huet. Ganz oft koum et doduerch zu Kompetenz-gerangel tëscht deenen 2 Entitéiten an déi néideg Hëllef ass, ënnert anerem aus deene Grënn, ganz spët oder iwwerhaupt net bei de Kanner, déi se dréngend gebraucht hätten, ukomm.

Dofir huet den SNE/CGFP d'Iddi vum Minister fir d'EMPen ze reorganiséieren an d'«Equipes de soutien pour élèves à besoins particuliers ou spécifiques (ESEB)» ze schafen, ënnerstëtzt. Vu dass dat ganz Personal aus den ESEBen elo just nëmme méi de Regionaldirektiounen ënnersteet, ass dat vill kritiséiert Kompetenzgerangel eriwwe an doduercher misst et jo theoretesch zu enger méi séierer a méi effektiver «Prise en charge» vu Kanner mat spezifesch Besoine kommen. Dëst ass awer leider an der Praxis definitiv net de Fall.

3ten Dezember 2018

Och ass deemools am Accord vum 22. Februar 2016 festgehale ginn, dass d'ESEBe personalméisseg géife gestärkt ginn. Den SNE/CGFP ass dervunner ausgaangen, dass an Zukunft genügend Spezialisten an den «Equipes de soutien» zur Verfügung géife stoe fir d'«Prise en charge» vun de Kanner mat spezifesch Besoinen ze garantéieren.

No dëser klenger Introduktioun ginn ech elo d'Wuert virun un d'Vanessa Schetgen, dat lech den Detail vun dëser Problematik duerleeë wäert.

« Prise en charge » vun de Kanner mat spezifesch Problemer :

Den SNE/CGFP ass effektiv zefridden, dass d'Personal aus der ESEB elo de Regionaldirektiounen ënnersteet, well doduerch verschidden Ofleef vereinfacht goufen. Allerdéngs ass et elo esou, dass an den ESEBen keng «Professions de santé» méi vertrauede sinn. Déi Leit sinn alleguerter vum Terrain ofgezu ginn. Déi meescht vun hinnen si vun de regionale Kompetenzzentren iwwerholl ginn.

Fréier an den EMPen war et esou, dass Kanner, déi vun hinnen eng «Assistance en classe» kruten, jee no Besoin och Usproch op eng Stonn Orthophonie an / oder eng Stonn Psychomotorik haten. Déi Interventiounen vun deem qualifizéierte Personal ware fir d'Schoul ganz wäertvoll an hunn de Kanner vill gehollef.

Vu dass an der ESEB dann elo keng Leit méi sinn, déi ënnert d'«Professions de santé» falen, gëtt de Kanner am Kader vun den Interventiounen vun der ESEB keng Orthophonie - an och keng Psychomotoriksbetreiung vu Spezialiste méi gebueden. Ganz vill Kanner profitéieren elo also net méi vun enger «Prise en charge», déi si fréier zegutt haten.

Den SNE/CGFP freet sech, ob den Educationministère sech dëser Situatioun bewosst ass.

D'Orthophonisten an d'Psychomotoriker si Spezialiste mat der erforderter Ausbildung an de respektiven Diplomer an deene medezinesche Sparten. Vu dass déi Leit an d'«Centres de compétences» integréiert goufen, freet den SNE/CGFP sech, a wéi wäit dës Zentren elo fir d'«Prise en charge» an deene jeeweilegen Domainen zoustänneg sinn. Geschitt dat eventuell duerch déi «Intervention spécialisée ambulatoire», déi am Gesetz steet?

Wa jo, da mierkt een op alle Fall nach net vill dervun um Terrain. Wéi et schéngt ass déi „intervention spécialisée ambulatoire“ nach net oder nach net iwwerall um Terrain ugelaft.

D'Fro, déi den SNE/CGFP sech stellt, ass awer eng ganz pragmatesch: Wéini kommen déi Kanner, déi eng Betreiung an der Orthophonie oder/an der Psychomotorik brauchen, erëm an de Genoss vun dëser Hëllef? Wat sinn d'Viraussetzungen, ënnert deenen d'Kompetenzzentren hir «Intervention spécialisée ambulatoire», déi jo am Gesetz virgesinn ass, maachen? Do bleift op jidde Fall nach vill Klärungsbedarf.

Inakzeptabel fir den SNE/CGFP wär et, wann elo erëm nei, schwéierfällig a laangwiereg Demarche vun de Schoulen oder den Eltere misste gemaach ginn, fir eng «Prise en charge» duerch d'Kompetenzzentren ze kréien - eng «Prise en charge», déi d'Kanner awer fréier zegutt haten.

Zu där schon onzefriddestellender Situatioun um Terrain kënn nach e weidere Problem derbäi: De neie «Règlement grand-ducal» vum 19. Januar 2018 «réglementant l'exercice et les attributions de la profession d'orthophoniste» beseet, *dass eng Reeducatioun just da ka stattfannen, wann den Orthophonist dat «dans une des langues d'usage du patient» ka maachen. Dat heescht konkret: D'Orthophonisten aus dem Privatsecteur bei eis am Land kënnen d'Reeducatioun just an deene Sprooche ginn, wou se derfir ausgebilt sinn.*

Fir déi Kanner, déi doheem keng vun deene Sprooche schwätzen, kann also am Privatsecteur keng Reeducatioun gelescht ginn. Si kréien awer och keng adequat Reeducatioun an der Orthophonie an der Schoul, well d'ESEB dat entweder guer net méi ubitt oder awer probéiert, mat an deem Domaine net qualifizéierte Leit ze «pléischteren». A wéi virdrun erkläert gouf, hunn d'«Centres de compétences» dës Missioun nach guer net, oder héchstens onvollstänneg iwwerholl.

> « Conclusion »

Dir gesitt, den Encadrement vu Kanner mat spezifesch Besoine fonctionnéiert nach net zefriddestellend.

Den SNE/CGFP fuerdert den neien Educatiounsminister op, déi noutwenneg Decisiounen ze treffen an déi néideg Mesuren «en Place» ze setzen, fir dass déi Kanner, déi Hëllef brauchen, déi och ouni grouse bürokrateschen Opwand solle kréien.

Mir soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet

Lëtzebuerg, den 3ten Dezember 2018.

...affaire
à suivre !!!

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13, rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie



*... den Encadrement vu Kanner mat spezifesch Besoine fonctionnéiert nach net zefriddestellend.
Den SNE/CGFP fuerdert den neien Educatiounsminister op, déi noutwenneg Decisiounen ze treffen an déi néideg Mesuren «en Place» ze setzen, fir dass déi Kanner, déi Hëllef brauchen, déi och ouni grouse bürokrateschen Opwand solle kréien !!!*



audio -
clip

reportage ...

> Reportage

Point-presse SNE/CGFP :

« Prise en charge des enfants
à besoins particuliers et spécifiques »



Claude
Schmit



Patrick Remakel

Vanessa Schetgen



<http://www.sne.lu/mp3/ptpresseaudio.mp3>



BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax +352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13, rue des Ardenes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

Lëtzebuerg, de 6ten Dezember 2018.



sne - infomail



D'Programmkommissiounen am Enseignement fondamental ...

... e verlängerten Aarm vun den Direktiounen ?!

Duerch d'Gesetz vum 13. Mäerz 2018 iwwert den «Développement curriculaire de l'Éducation nationale» goufen **och an der Grondschoul national Programmkommissiounen (CNEF)** fir folgend «Domaines de développement et d'apprentissage» agefouert :

- D'Alphabetisatioun, den«Éveil» an d'«Ouverture aux langues» a Sproochen (Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch);
- d'Mathematik ;
- d'Wëssenschaften am wäitste Sënn ;
- de Sport an d'Psychomotorik ;
- d'Konscht an d'Musek ;
- d'«Vie et société»
- den 1. Zyklus aus der Grondschoul.

6 ten Dezember 2018



Déi **7 national Kommissiounen** hunn **als Missioun, den Erzéiungsminister** bei all de Froen, déi déi uewen opgezielten Domainë betreffen, **ze beroden**.

Dës Weidere solle si **Avisen ofliwweren oder Propositione maachen** zu folgende Sujeten :

- « Plan d'études » vun der Grondschoul;
- pädagogesch Methoden;
- didaktescht Material;
- Prinzipien a Modalitéite vun der Bewäertung;
- « Épreuves communes »;
- extern Evaluatiounen;
- Besoinen an der « Formation continue ».

Déi national Kommissioun vum Enseignement fondamental **setze sech aus Enseignanten aus der Grondschoul a vum SCRIPT an aus Regionaldirekteren oder Soudirekteren aus dem «Enseignement fondamental» zesummen**. Fir jiddereng vun dese Kommissiounen designéiert den Educationminister jeeweils e President.



Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass d'Presidence vun der Kommissioun an d'Direktioun vun enger Region zwee Mandater sinn, déi net matenee kompatibel sinn.

D'Presidence soll vun Enseignanten, déi nach aktiv um Terrain schaffen, assuréiert ginn.

Duerch hiren aldeeglechen, prakteschen Ëmgang mat der Matière si si permanent mat de Problemer, déi sech an deem Zesummenhang stellen, konfrontéiert. Dofir kenne si **am beschten d'Besoinen an d'Uspréch vun den Enseignanten an de Kanner**.

Anscheinend ass et awer esou, dass **fir de Moment d'Regionaldirekteren als «Présidents faisant fonction» genannt goufen**. D'Fro stellt sech, op net verschidde Memberen hir Kandidatur net gestallt hunn, well se eng Konfrontatioun mat engem Direktionsmember evitéiere wollten. Den **SNE/CGFP ass der Meenung**, dass - de Fall gesat, dass d'Direktore keng Kandidatur fir des Presidenteposten hätten däerfe stellen - **sécherlech och eng Rei kompetent Enseignante vum Terrain motivéiert gewiescht wäeren, sech dëser Erausfuerderung ze stellen**.

Den SNE/CGFP ass alles anescht wéi zefridde mat dëser Situatioun.

D'Direktiounsmembere sinn net onbedéngt representativ fir d'Enseignanten, déi all Dag konkret a praktesch mat de Kanner an der Schoul schaffen. Aus deem Grond ass et an den Ae vum SNE/CGFP besser, dass d'Funktoun vum President vun de jeeweilege Kommissiounen vun Enseignanten, déi nach mat béide Been an der Praxis stinn, assuméiert gëtt. Doduerch kéint d'Plaz vun de « Leit vum Terrain » an hir Stëmm an deene Gremie gestärkt ginn.

De Fait, dass d'«Supérieurs hiérarchiques» vun den Enseignanten, d'Direkteren also, d'Funktoun vum President iwwerhuelen, hypothekéiert an den Ae vum SNE/CGFP och en ongezwongen an «ergebnisoffenen» Austausch tëscht de Membere vun der Kommissioun.

Den SNE/CGFP fäert, dass duerch déi ablécklech Opstellung vun den nationale Programmkommissiounen, méi «onkonformistesche» Gedankespiller a Prozesser, déi eventuell an deene Kommissiounen kéinten – a sollten – ugestouss ginn, vum President am Keim erstéckt kéinte ginn.

Inakzeptabel ass et doriwwer eraus och, dass et zu Interessenkonflikter an der Ausübung vum Mandat vum President vun der Programmkommissioun a vun der Funktioun vum Regionaldirekter kéint kommen.

Et kann net sinn, dass den Direkter als President vun der Programmkommissioun zu engem Projet en Avis ofgëtt, an dann duerno zu deemselwechte Projet nach eemol a senger Funktioun als Regionaldirekter eng zweete Kéier eng offiziell Stellungnam ofgëtt.

Aus deenen opgezielte Grënn fuerdert den SNE/CGFP de MENJE op, eng kloer Trennung vun der Funktioun vum Regionaldirekter an der Presidence vun den nationale Programmkommissiounen ze maachen.

De Comité central vum SNE/CGFP



De SNE/CGFP fuerdert de MENJE op, eng kloer Trennung vun der Funktioun vum Regionaldirekter an der Presidence vun den nationale Programmkommissiounen ze maachen ...



BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13, rue des Ardenes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

*Lettre au MENJE ,
demande d'entrevue :*

- *programme
gouvernemental*
- *revendications
sne/cgfp*
- *cahier des charges
sne/cgfp*

Monsieur Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de
l'Enfance et de la Jeunesse
29, rue Aldringen
L-1118 Luxembourg

Luxembourg, le 6 décembre 2018



Monsieur le Ministre,

Tout d'abord, nous tenons à vous exprimer nos plus vives félicitations et nos meilleurs vœux de succès dans l'exercice de vos responsabilités suite à votre nouvelle nomination à la fonction de Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.

Dans l'espoir de pouvoir continuer à travailler dans un climat de confiance et de respect mutuel avec vous et votre ministère, nous vous prions de bien vouloir nous accorder une entrevue en vue de discuter des sujets suivants :

- Programme gouvernemental, volet Éducation
- Revendications du SNE-CGFP, Cahier des charges du SNE-CGFP

Dans l'attente d'une réponse favorable à notre demande, nous vous prions d'agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de notre très haute considération.

Patrick Remakel
Président

Gilles Glesener
Secrétaire



6 décembre 2018

- revendications

- cahier des charges SNE/cgfp

lettre au MENJE - demande d'entrevue...




... tout faux - tout vrai !?

... **Koal**itiouns**a**ccord !?

... ënnert anerem soll d'Digitaliséierung ...
och an der Educatioun
kräfteg gepuscht ginn ... ?!

... schreif dir dëst roueg ...
hannert d'Oueren :
den SNE/CGFP wäert sech ...
op kengem Gebitt « **verapple** » loossen ?!



AD du SNE/CGFP

Assemblée des délégués du SNE ...



Ordre du jour :

- 1) Approbation du
- 2) Cooptation d'un
- 3) Élections législatives
- 4) LuxDidac 2018
- 5) Rapport de la Commission
budget 2018
- 6) Divers

... réunion du 13 novembre 2018



sne/cgfp - assemblée des délégués



du rapport de la réunion de l'AD 02/2018 du 28 juin 2018
un nouveau délégué
relatives : 1^{re} analyse
8 : Bilan et perspectives
Commission de Surveillance au sujet du bilan 2017 et du



Syndicat National des Enseignants

AD : Bechet, Berck, Cloos, Di Letizia, Eich, Felten, Frisch, Glesener, Grober, Haubrich, Hermes, Hild, Hintgen, Hoffmann, Kails, Kasel Claude, Kasel Jean, Klein Paul, Klein Sonia, Kohnen, Krier, Loewenstein, Marson, Mergen, Miesch, Olinger, Origer, Pillatsch, Pirsch, Pletgen, Remakel, Reuter, Ries, Schetgen, Theobald-Schmit, Schmit, Thill Maryse, Thill Nicolas, Trierweiler, Vesque, Zenner.



Stage Ouni Suergeren

Léif nei Kolleginnen, léif nei Kollegen ...

- Dir sidd elo endlech an de Beruff gestart an domat ass de Stage de Moment sécherlech ee grousst Thema fir Iech all.
- Dir hutt ganz konkret Froen iwwert de Stage oder Äre Beruff am Allgemengen ?
- Wéi erlieft Dir Ären aldeegleche Stage ?
Wat leeft gutt a wat net wéi et soll ?
- Mir lauschteren Iech no, mir huelen Är Suergeren eescht !
Mir beäntweren Är Froen a bidden Iech bei eis kompetent Hëllef un !



Dir kënnt eis ëmmer erreechen
iwwert d'Mailadress ...

oder **stage@sne.lu**
ënnert der Telefonsnummer ...

621 77 00 62



- Zéckt net, eis unzeruffen, ze schreiwen oder per "Whatsapp" ze kontaktéieren. *All Froen an Informatiounen gi selbstverständlech diskret an anonym behandelt.*
- Mat Ärem Feedback drot Dir derzou bäi an hëlleft Dir eis dofir ze suergen, dass de Stage ze geréiere bleift !

Zielt op déi stäerksten a representativ Gewerkschaft
am Enseignement Fondamental !

Loosst eis wëssen, wéi et um Terrain ausgesäit
a wou onbedéngt nogebessert muss ginn !

Syndicat National des Enseignants

www.sne.lu



Enherstëtzt

ons

Annonceuren...

merci,



www.she.lu



EMILEFRISCH




Autocars Emile Frisch
Tél. (+352) 49 61 51-1
www.emile-frisch.lu
info@emile-frisch.lu



renovation.lu
är Renovatioun ass eis Passioun



Renovation clé en main




www.renovation.lu

Tél.: 288 308 - 1



ernster®

l'esprit livre




**MORE THAN A STORY,
A TIME MACHINE.**

Order today, escape tomorrow.

www.ernster.com



La librairie de l'éducation



Librairie • Papeterie
NOUVEAU:
Diderich Café Umeck

2, rue Victor Hugo
L-4110 Esch-sur-Alzette

Service Librairie : 55 40 83 - 21 / 28
Service Papeterie : 55 40 83 - 22 / 32

Tous les livres et articles scolaires
www.diderich.lu



VOYAGES
VANDIVINIT
Reesen mat Stil

Schulausflüge
erleben

Tél.: +352 23 66 83 41 - 1
contact@vandivinit.lu



www.vandivinit.lu



Wo steuern Sie hin?

Bausparen – Steuern sparen

Ihr BHW-Berater gibt Ihnen dazu die besten Tipps und informiert Sie über die staatlichen Steuerfreibeträge – damit Sie alles bekommen, was Ihnen zusteht. Sprechen Sie mit einem BHW Berater drüber. Oder rufen Sie die CGFP Hotline an: 473651

Die CGFP ist der BHW Bausparpartner im Großherzogtum Luxemburg für den öffentlichen Dienst.

 **BHW Bausparkasse Niederlassung Luxemburg**
16, rue Erasme, L-1468 Luxembourg Kirchberg, www.bhw.lu



boesner

KÜNSTLERMATERIAL + EINRAHMUNG + BÜCHER

Alles was kleine Künstler brauchen



- Über 28.000 Artikel
- Staff- und Großhandelspreise
- Lieferservice
- Fachberatung mit Testmöglichkeit im boesner Werkraum

boesner GmbH Perl
 Nenniger Straße 10 · D-66706 Perl-Besch
 Tel.: +49 (0)6867 / 9 11 00 · E-Mail: perl@boesner.com
 Mo-Sa 9:30 – 18:00 Uhr | Mi 9:30 – 20:00 Uhr


Auf **3.200 m²**
alles was Kunst braucht

Frankfurt
 Mutterstadt
Perl
 Saarbrücken
 Trier

www.boesner.com

Eine atemberaubende Reise in die Geschichte des Eisenerzbergbaus!

Die Besichtigung (max. 18 Kinder pro Gruppe) eignet sich für Kinder zwischen 6 bis 14 Jahren. Die Kinder versetzen sich dabei in die Rolle eines Bergmanns: schleppen Eisenerz, erleben eine Sprengung, festigen die Decke usw. Am Ende der Führung erhalten die Schüler ein kleines Geschenk.



Für reservierte Gruppen (max. 18 Kinder pro Gruppe) ist das Museum ganzjährig geöffnet.
 Für Einzelbesucher: April - Juni, Sept.: Do. - So. 14:00 Uhr - 18:00 Uhr
 Juli - August : Di. - So. 14:00 Uhr - 18:00 Uhr
 (letzte Führung um 16:30 Uhr)



Sie möchten einen Geburtstag bei uns feiern? Kein Problem!

Nach oder vor der Besichtigung stellen wir Ihnen einen Raum mit Tisch und Stühlen zur Verfügung, wo Sie mit Ihren mitgebrachten Speisen und Getränken feiern können. Gerne können Sie auf Anfrage den Geburtstag auch in der Grube feiern. Beim schönen Wetter können wir den Tisch an die frische Luft herausstellen.



Musée National des Mines de Fer
Luxembourgeoises

Carreau de la Mine Walert
 Rue de la Bruyère
 L-3714 Rumelange

Tel: +352 565688
 Fax: +352 26560503
www.mnm.lu
info@mnmlu



voyages

emile weber

éischtklasseg reesen



Voyages scolaires et séjours éducatifs avec Schooltrip



**School
trip**
by emile weber

Voyages Emile Weber propose des voyages scolaires, séjours éducatifs, excursions thématiques et des visites dans des entreprises de la région. Profitez du plaisir de partir tous ensemble vers une de nos nombreuses destinations ou celle de votre choix avec notre programme à la carte.

Découvrez nos offres attractives adaptées à tous les besoins et budgets!



Informations et réservations :

Tél.: (+352) 35 65 75 - 300 · info@schooltrip.lu · www.schooltrip.lu

Studiosus

Silvester-Highlights in aller Welt



Feiern Sie Silvester 2018 einmal gebührend in einem anderen Land und rutschen Sie zusammen mit weltoffenen Mitreisenden in das neue Jahr. Holen Sie sich bei den nachfolgenden Reisen Lebenskraft und neuen Schwung für das kommende Jahr. Alles ist perfekt organisiert, vom Besichtigungsprogramm bis zum Silvester-Dinner.

Andalusien – Silvester für Alleinreisende

8 Reisetage ab 1.865€ / Person im EZ

Maurische Paläste, weiße Dörfer und heißer Flamenco: Verbringen Sie ein temperamentvolles Silvester in Andalusien! Lassen Sie sich einfangen von der mediterranen Stimmung in Südspaniens Städten Sevilla und Granada. In Cordobas Altstadt starten Sie mit einem Silvester-Dinner kulinarisch ins neue Jahr.

Israel – Studienreise

8 Reisetage ab 1.695€ / Person im DZ

Kosmopolitisch und traditionell, jung und hip, Schmelztiegel der Kulturen: Das alles ist Israel und der ideale Ort, um den Jahreswechsel zu feiern! Entdecken Sie das Tote Meer und viele andere faszinierende Sehenswürdigkeiten. Ihr Reiseleiter führt Sie außerdem nach Tel Aviv, Jerusalem und Bethlehem.

Riga – Jahreswechsel für Alleinreisende

5 Reisetage ab 1.465€ / Person im EZ

Ein Wintermärchen an der Ostsee: Bummeln Sie durch tief verschneite mittelalterliche Gassen und Jugendstilviertel, machen Sie einen Ausflug ins Schloss Cesis und feiern Sie mit Ihren Mitreisenden bis ins neue Jahr bei Livemusik, Silvestermenü und einem farbenfrohen Feuerwerk.

Wien – Kulturerreise

4 Reisetage ab 1.875€ / Person im DZ

Im Walzertakt ins neue Jahr: Genießen Sie am Silvesterabend eine Aufführung der „Fledermaus“ von Johann Strauss in der Wiener Staatsoper! Die Highlights der Donaumetropole zwischen Stephansdom, Kunsthistorischem Museum und Schloss Schönbrunn lernen Sie natürlich auch kennen.

Gerne beraten wir Sie und stellen Ihnen die ausführlichen Reisebeschreibungen dieser und einer Vielfalt anderer Silvester-Reisen vor. Wenden Sie sich einfach an Lux Voyages, Ihre CGFP-Reiseagentur.




LUX VOYAGES s.à.r.l.

Tel.: 47 00 47 - 1 | info@luxvoyages.lu
25-A, boulevard Royal | L-2449 Luxembourg



Bus-Schoul



Plus de sécurité dans le transport scolaire *pour toutes les classes de l'enseignement fondamental !*

Nous invitons les classes avec les enseignants à participer à cette formation d'une demi-journée dans notre dépôt de bus à Bascharage.

À travers des exemples théoriques et pratiques, les enfants découvriront les règles à adopter pour un transfert en bus en toute sécurité et apprendront les consignes de comportement en cas d'urgence.



Informations et inscriptions :
www.bus-schoul.lu
busschoul@sales-lentz.lu



Sales-Lentz
moving people



NOTRE POINT
COMMUN ?



Nous sommes membres Raiffeisen.



AVANTAGES
OPERA



Raiffeisen est une banque coopérative. Et ça change tout! Devenez membre Raiffeisen et profitez des conditions préférentielles OPERA. Augmentez encore plus vos avantages en faisant de Raiffeisen votre partenaire bancaire privilégié. Découvrez tous les avantages OPERA avec votre conseiller dans l'agence Raiffeisen la plus proche ou sur www.raiffeisen.lu. Chez nous, c'est vous le patron.

www.raiffeisen.lu



Repousser les limites des plateformes multifonctions



Grâce à notre gamme de systèmes d'impression étendue et modulaire, Konica Minolta et nous, CK Document Imaging, sommes les partenaires de votre transformation digitale. Mobilité, dématérialisation de documents, connexion à des logiciels métiers... nos plateformes multifonctions régulièrement primées, sont de véritables hubs technologiques accompagnant l'évolution de vos habitudes de travail et vous rendent encore plus efficaces.

Contactez un expert sur ck-groupe.lu

CK | Document
imaging

2, rue Léon Laval Tél. +352 26 380 1
Z.A. Am Bann Fax +352 26 380 380
L-3372 Leudelange info@ck-group.lu

 Charles Kieffer Group



De Musée «A Possen»

bidd kreativ Ateliere fir Kanner déi un der Kultur an der Geschicht aus der Regioun interesséiert sinn.

Mir bidden Wochen- an Themenatelieren souwéi individuell Offeren fir Schouklasseen un. Och e Kannergebuertsdag kann mat de Frënn am Musée gefeiert ginn.

**Méi Informatiounen kritt Dir um
Telefon: 23 69 73 53**

**Ufroen a Reservatiounen op:
info@musee-possen.lu**



Sinn Allergien bekannt?
Denkt w.e.g.
drunn eis dëst bei
all Kanneratelier
matzedeele!

**Kultur a Geschicht aus
der Regioun.**

**Kreativ Ateliere
fir Kanner.**




A Possen

Musée „A Possen“



2, Keeseschgässel
L-5405 Bech-Kleinmacher
Telefon (+352) 23 69 73 53
info@musee-possen.lu
www.musee-possen.lu



Fachmaat 
**Robert
Steinhäuser**
leudelange & ingeldorf

avantages:

- commandes groupées sans obligation d'achat
- remise jusqu'à 20%
- même matériel pour tous les élèves
- carte client spéciale enseignant

**FOURNITURE POUR ECOLE - MATERIEL DIDACTIQUE
BRICOLAGE PAPETERIE - JEUX ET LOISIRS**

Learning by doing




30, avenue François Clement
L-5612 Mondorf-les-Bains

Tél. : +352 26 67 19 25

www.lbd.lu
info@lbd.lu





IMPRIMERIE - EDITIONS s.à r.l.

11-13, rue des Ardennes
L-1133 LUXEMBOURG
stephany@sne.lu

Tél.: 48 11 18-1
Fax: 40 73 56
www.sne.lu



ROOM
Luxembourg

ROOM Luxembourg S.à r.l.
11, Um Lënsterbiërg
L-6125 Junglinster

Tel.: 288 00 11
info@room-luxembourg.lu
www.room-luxembourg.lu



Schulmöbel
Bibliotheken
Kindergartenmöbel

Konferenzräume
Büromöbel
Empfangstheken

Raumplanung
Beratung vor Ort
Individuelle Möbel auf Maß





Dieses SMART Board® ist *genial*

Lebhaftes Inhalte. Besonders intensive und erlebnisreiche Unterrichtseinheiten am Bildschirm. Beispiellose Zusammenarbeit.

Willkommen bei der nächsten Generation von SMART. In der Unterricht zu intensivem Lernen wird.

Entdecken Sie das weltweit beste interaktive Display

Inspired Collaboration™ | SMART

**ihr SMART PARTNER
für ihre
SMART BOARD
PROJEKTE
in ihrer SCHULE**

**Beratung,
Verkauf,
Wartung
und Schulung,
direkt von uns**



SCHAFFEN SIE ERSTAUNLICHES IN IHREM UNTERRICHT

SMART amp™ Collaborative Learning Software

**SOFTWARE für jede
HARDWARE**



**die FLEXIBILITÄT
für den Erfolg**



**COMPUTER AND
NETWORK SOLUTIONS**

9, rue Goell L-5326 Contern
Tél.: 26 43 56-1 • Fax: 26 43 08 62
www.lxcdm.lu • info@lxcdm.lu

BANQUE N°1
DES PRÊTS IMMOBILIERS

L'HISTOIRE DE VOTRE FUTUR LOGEMENT COMMENCE CHEZ NOUS



PRÊT AU LOGEMENT. Faites confiance à la banque leader des prêts au logement au Luxembourg pour déterminer avec vous le meilleur plan de financement. Pour faire de votre projet logement la plus belle des histoires.

Plus d'informations sur www.bcee.lu/logement



SPUERKEESS

Banque et Caisse d'épargne de l'État, Luxembourg, Établissement Public Autonome, 1, Place de Metz, L-2954 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B 30775
www.bcee.lu, tél (+352) 4015-1

Gitt nach haut Member

a profitéiert wéi ech, vun :



enger kompetenter a fachmännischer
Berodung a Verriedung
wat äere Beruff ubetrëfft

enger Assurance
" responsabilité civile professionnelle "

enger „ Assistance juridique “
bei grave professionnelle Probleemer

engem Gratisabonnement fir onse
Bulletin " Ecole et vie "

der Sne - Infomail
enger " information en directe "

vun enger Remise vun 10 %
op eisem Matériel didactique

enger Affiliatioun
un d'Confédération Générale
de la Fonction publique,
déi eenzeg representativ
Staatsbeamtegewerkschaft

allen Servicer, déi CGFP ubitt -
Bausparvertrag - Berodung
beim Immobiliekaf,
Reesen, ...

asw, asw, asw > www.sne.lu.



www.sne.lu > adhésion

contact : sne@sne.lu



Protestmanifestatioun :

Fir de Respekt
vun den
CGFP-Accorden ...
bei der
Spuerkees !!!



27.11.2018



CONFÉDÉRATION GÉNÉRALE
DE LA FONCTION PUBLIQUE

488, route de Longwy, L-1940 Luxembourg • Tél. 26 48 27 27-1 / Fax 26 48 29 29 • cgfp@cgfp.lu

Pressemitteilung
Communiqué de presse

Seite / Pages : 2
Datum / Date : 07/11/18

CGFP-Nationalvorstand

Protestkundgebung vor BCEE-Hauptsitz beschlossen

Der seit drei Jahren schwelende Konflikt um die gemäß dem Gesetz 2015 geltende Beförderungen bei der Banque et Caisse d'Épargne de l'État (BCE) setzt sich weiter zu Nachteil des Schlichtungsverfahrens geschärft und die CGFP bereits vor einem Sozialkonflikt, größeren Ausfällen gewarnt hatte, konnte – trotz großer Kompromissbereitschaft auf Gewerkschaftseite – auch in der Mediation bis jetzt keine Einigung erzielt werden. Für die Berufsorganisation der Sparkassen-Mitarbeiter (APBCEE) und für die CGFP sind die einstimmigen Empfehlungen des Mediators inakzeptabel, da sie lediglich die Sicht der Regierung berücksichtigen.

In seiner Sitzung am heutigen Mittwoch beschloss der CGFP-Nationalvorstand einstimmig, eine Protestkundgebung am 27. November 2018 um 12:30 Uhr vor dem BCEE-Hauptsitz auf der „Place de Metz“ zu veranstalten. Am gleichen Tag startet eine Umfrage, um die rund 1.000 BCEE-Beschäftigten nach ihrer Meinung zu den Vorschlägen des Mediators zu fragen.

